piraten.lu

N° 4071
Entrée le 07.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

No Informatiounen aus dem Rapport vum Ombudsman vun 2025, ginn et Fäll, wou d'Beneficiairen vum REVIS net doriwwer informéiert sinn, dass de REVIS - a Kombinatioun mat aneren Akommessen - besteiert gëtt. Vill betraffe Persounen géifen dacks eréischt spéider feststellen, datt si steierflichteg sinn. An eenzele Fäll huet dëst dozou geféiert, datt d'Persounen iwwert Joer zeréck retroaktiv besteiert goufen an duerno mat héije Steiernozuelungen konfrontéiert goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill REVIS-Beneficiairen hunn an de leschte fënnef Joer retroaktiv Steieren missten nobezuelen am Zesummenhang mam REVIS?

2. Wéi gëtt aktuell garantéiert, datt Beneficiairen vum REVIS kloer an verständlech iwwert d'Besteierung vum REVIS informéiert ginn?

3. Wéi wäert de Staat REVIS-Empfänger ënnerstëtzen, fir Steier-Iwwerraschungen duerch retroaktiv Besteierung ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés